Luxembourg
1. sept. 63

I

Dir Dammen an Dir Hären,

Frenn a Bekannten,

Komerôdinnen a Komerôden

Erlâbt mir als Nationalprésident am Numm vu mengen Komerôden aus dem Fédérationscomité an a mengem égenen Numm Iech alleguer e wärmste Merci ze soen fir ier gro'ss Bedélegung un onser heitiger Journée Commémorative. En oprichtegen an de'fste Merci fir är iwergro'ss Participat'ion un desem Cortég. Dir hutt domadden ärt Komerôden aus den affili'erten Zentralcomité en net enttäuscht, mä au contraire sie an hirem Striewen an Schaffen gestärkt a sie begéschtert op dém Wé virun ze fueren dé mir bis haut ageschloen hun. Jo, obschon mir haut nemmen ons alljähreg Journée Commémorative feieren an onse Cortég weder en ugekennechte Protestmarsch nach eng pipperi'ert Protestmanifestation soll sin, hut Dir durch ärt epuermôl dausendfach Mattmâchen mech opgefuerdert hei elô eng Sproch ze gebrauchen de' kloer, richt eraus an onzwédeiteg muss sin. An eso' ruffen ech onse Politiker zo', onser Regierung an onsem Här Staatsminister:

Hu mir Iech haut bewisen, jo oder nén, dass mir zesummen hâlen an zesummen stinn.

Hu mir Iech haut bewisen, jo oder nén, dass d'Zwangsrekrute'ert Médercher a Jongen zesummen matt den Elteren a Geschwester vun hiren onglecklechen Komerôden fest hannert den Fuerderungen vun onser Fédération stinn.

Hu mir Iech haut bewisen, jo oder nén, dass mir alleguer onse Statut appruve'eren a verlângen dass hien nach dest Joer Gesetz gett.

Mit hun haut bewisen dass mir ons ongleckleech Komerôden net vergiess hun an nie vergiesse werden. Mir verlângen de'

höckst Unerkennung vun onser Hémecht fir sie.

Mir beweisen awer och haut durch ons Haltung, dass mir fir hir Kanner, genau we' wann et ons égen wären, antrieden a mir lôssen nie zo' dass hir Elteren bei hirem gro'sse onvergiessleche Schmierz och nach verächtlech an discriminé'ert behandelt ginn.

Op en Dâg we' haut ass et net Usus a Gebrauch ze hetzen a Revanche ze priedechen, mä, mir spieren a fillen an ons dass ons Komerôden de' mir haut e'eren, ons Helden vum Generalstreik, aus Déportation, Prisong a Kazett ons zo'ruffen: Dir musst eng Ke'er Schluss mâchen!! Et ass elo 5 fir 12 an dann ass et zo'.

Entweder hunn d'letzeburger Médercher a Jongen hir Pflicht vis à vis vun der Hémecht gemâcht oder net.

Entweder waren sie Patrioten oder Verre'der.

Entweder stét d'letzeburger Vollek hannert den Joergäng 20 bis 26 haut genau we' beim Generalstreik den 31 August 1942, oder et légent seng Haltung vun démols.

Entweder sinn mir Naziaffer oder mir sinn keng. A wann mir Naziaffer sinn dann hun mir Recht op e'erlech a gesetzlech Unerkennung matt alle Konsekuenzen, Suiten a Rechter.

Entweder gett ons d'Land durch Politiker rege'ert de' d'E'er an d'Rechter e'erlech an oprichteg vun allen Zwangsrekrute'erten unerkennen an démno handeln oder mir désappruve'ere sie, égal wien sie sinn a wât sie sinn.

Et de't mir lét, als Letzeburger, missen op en Dâg we' haut eso' Wierder mussen ze gebrauchen. D'Herz vun ons allen Enrôlés de Force zerreisst ~~sech~~ wann mir bedenken dass ons Hémecht rege'ert gett durch Gesetzer de' dem Géscht an der Haltung vun onsem Affer vum ~~onsem~~ Generalstreik 42 net

entspréchen.D'Gâl léft ons iwer wa mir matt mussen erliewen dass international Verträg ofgeschloss ginn de' onkloer, zwédeiteg an discrimine'ert fir ons sinn, an dât matt dénen de' d'Schold drun sinn dass 3.500 jong Letzeburger hingemuetht go'wen, Honnerten Kröppel a krank hém ko'men, Mammen a Pappen d'Liewensfréd zerste'ert. Kaum gett matt dese Leid geschwât an schon ginn erem eng Ke'er de' selwecht op d'Seit gedreckt; de' selwecht de' durch d'Gauleiterverordnung vum 30.August hun missen d'Pân klâken, ginn erem eng Ke'er als domm Jongen duer gestallt. An dât an engem Otemzug mat ~~matt~~ engem versöhnten an verénegten Europa.

Ons Kanner an d'Kanner vun dénen de' mir haut e'eren solle vleicht muer schon an de Krich ze'en a kämpfen fir ént an zwégedéltem Deitschland. Dre't de Radio op oder kuckt an eng Zeitung dann he'ren an liesen mir vu bâl weider neischt me' we' vun Wiedervereinigung, Verurdélung vun den Ennerdreckten an Ostdeitschland, vun der Zwangsrekrutierung hannert der Berlinermauer; mä, de Courage ze hun an anzegestoen wât sie matt de letzeburger Méderchen a Jongen am Krich gemat hun, an dat Onrecht so' weit me' me'glech erem gutt ze machen dovunner wëllt én le'wer neischt wessen. Ma mir Zwangsrekrute'ert missten binnen nach schliesslech Merci soen dass sie de Krich verluer hun!!

Le'w Komeroden, de' dir d'Chance net hât ons Hémecht erem ze gesinn, begruewen hei an onsem Hémechtsbuedem oder dobaussen an russescher Stepp oder an afrikaneschem Sand mir stinn haut hei fir ärer ze gedenken. Mir stinn hei fir iech ze beweisen, fir onsem Land ze beweisen an der ganzer Welt datt mir iech net vergiess hun a mir ruffen iech zo', mir vergiessen iech nie.

Mir verneigen ons de'f virun ârem Affer an denken matt Respekt a Bewonnerung un är Haltung am Krich zreck. Are Kierper ass net me' bei ons, mä äre Géscht ass enner ons an et ass äre freie letzeburger Géscht dén ons erem op d'Bén geruff huet, dén ons erem zesumme geschmolz huet we' et versicht ass ginn un den Zwangsrekrute'erten hirem Affer ze zweifelen, we' et versicht ass ginn hir E'er ze besuddelen.

Le'w Komerôden! Sieft versechert mir de' d'Chance hâten ons Hémecht erem ze gesinn, mir hun iech net vergiess a mir sinn berét fir ärt Undenken an är E'er alles ze mâchen wât dir vun ons verlangt. A wann mir versot oder onse Mann net gestallt sollen hun dann verspriechen mit iech haut erem dat no ze huelen. Mir ro'hen a ginn ons net bis iech Gerechtegkét widerfuer ass. Mir schlofen net bis är Kanner net me' versto'ss sinn a mir suergen dofir datt är Elteren hiren Liewensowend anstänneg an ongekränkt könne verbrengen. Mir mâchen ons Allerbescht a stellen onst Sichen net an bis mir Gewesshét hun iwert d'Verbleiwen vun dem Leschten vun iech.

Mir schwieren iech haut datt mir nie zo'lossen datt onst Letzeburger Land an eng Bunn gelét get an de'er dir keng E'replâtz anhuelt. Mir lossen net zo' datt dât Land fir dât dir ärt Liewen ginn hut durch Gesetzer regelert get an dénen är Affer verkannt ginn, a mir veruechten de', de' sech ärer mengen missten ze schummen. Mir stinn zu iech, geschter, haut, muer an emmer, är E'er ass ons E'er, a mir schummen ons net, virun aller Welt ze behâpten datt dir am Krich är Pflicht vis à vis vun onser Hémecht voll a ganz erföllt hut, a mir verlângen e'erlech, respekt-

voll a gesetzlech d'Unerkennung vun ärer Haltung durch onse Staat a vun alle Nationen.

A wann mir haut d'Hand zum Schwuer erhiewen dann ass et well mir als eng Generation vun Letzeburger an onser Jugend gele'ert hun, matt onsen Elteren, Geschwester, Familgen a Frenn wât dât Wuert Hémecht héscht, wât et héscht fir seng Hémecht ze leiden an ze bludden a wât et héscht e Kand, e Mann, e Brudder oder Komerôd ze hun dén fir d'Hémecht sein Liewen geloss huet. Onst Land muss verstoen datt mir net könne liewen an engem Letzeburg dât seng Bescht verkennt an dât rege'ert get durch Gesetzer a Verträg de' net kloer an deitlech d'Haltung an d'Affer vun den Zwangsrekrute'erten unerkennt.

Le'w Komerôden! schloft ro'eg. Mir hun zesummen matt iech gelidden, gekrasch, gebied a gebludd a mir stinn och haut nach zu iech. Ärt Undenken gét ons iwer alles a mir verspriechen iech datt mir suergen datt ären Affer net emsoss war. Datt äre Géscht geéert an e'erlech unerkannt an engem freie Letzeburg kann sech wuell fillen.